

Evangelium vum 5. Faaschtesonndeg (Joer C)

Joh 8,1-11

- 1 De Jesus ass op den Olivebierg gaang.
- 2 Muerges fréi goung hien nees an den Tempel,
an d'ganzt Vollek ass bei hie komm.
Hien huet sech niddergesat an huet si geléiert.
- 3 Dunn hunn d'Schrëftgeléiert an d'Pharisäer eng Fra dohi bruecht,
déi erwëscht gi war, wéi si d'Bestietnes gebrach hat.
Si hunn d'Fra an d'Mëtt gestallt
- 4 a soten zum Jesus: "Meeschter,
dës Fra ass op frëscher Dot erwëscht ginn,
wéi si friemgaang ass.
- 5 Am Gesetz huet de Moses äis virgeschriwwen,
esou Fraen ze stengegen.
An du, wat sees du dozou?"
- 6 Dat soten si, fir hien op d'Prouf ze stellen;
si hunn nämlech eng Ursaach gesicht, fir hien unzekloen.
- De Jesus awer huet sech gebéckt
an huet mam Fanger op de Buedem geschriwwen.
- 7 Wéi si sech drugehal hunn, hien ze froen,
huet hien sech opgeriicht
a sot zu hinnen: "Wie vun iech nach ni gesënnegt huet,
dee soll als Éischten e Steen op si geheien!"
- 8 Dunn huet hien sech nees gebéckt
an huet op de Buedem geschriwwen.
- 9 Wéi si dat héieren hunn,
sinn si hirer Wee gaang, een nom aneren,
fir d'éischt déi Eelst.
De Jesus ass eleng zrëckbliwwe mat der Fra,

déi nach an der Mëtt stoung.

10 Hien huet sech opgeriicht
a sot zu hir: "Fra, wou sinn si?
Huet keen dech veruerteelt?"

11 Si sot: "Keen Eenzegen, Här."

Du sot de Jesus: "Och ech veruerteelen dech net.
Géi a sënneg vun elo un net méi!"